Dikrich, den 4. September 2017

le moteur
de l'historique

## RESOLUTION ZUKUNFT vun der asbl Le moteur de l'historique

No 4 Editiounen Boucles de Clervaux, geréit d'Asbl « Le moteur de l'historique » an Schwieregkeeten déi all Organisatioun, déi gréisstendeels mat Fräiwëllegen schafft, ze Gutts bekannt sinn. Grad dann wann een mat reduzéierter Manpower schafft, muss een sech dem Risiko bewosst sinn datt all Moment een ofsprangen kann an sech op all eenzelen Member vollkommen verloossen kennen.

Och dëst Joer huet den Comité op en Neits mat Demissiounen ze kämpfen gehat.

Nodeems den Initiator, Comité-Member an Sekretär, Nico Sax bewisen huet wéi hien op eng hannerhälteg Aart an Weis der Organisatioun an dem President an den Réck falen konnt, huet hien op der jäerlecher Pressekonferenz seng Professionalitéit ënner Beweis gestallt an d'Boucles de Clervaux vis-à-vis dem ACL an därer Sportskommissioun diskreditéiert, wéi keng aner Persoun an keen aneren Fait et bis elo fäerdeg bruecht huet. Nieft dem Nico Sax senger drohender Positioun an der Organisatioun huet en weideren wichtegen Member den 14. Mee 2017 seng Demissioun eraginn.

Et gelt fir esou Behuelen an der Ëffentlechkeet ze evitéieren an sech professionell no Baussen ze weisen. Dëst schued all Organisatioun an fuerdert en neit Konzept.

No dësen Erfarungen, Reuniounen mat nationalen Automobil-Veräiner, wéi och auslänneschen Rallye-Organisateuren vun héchstem europäeschen Niveau, proposéiert d'ASBL Le moteur de l'historique der Sportskommissioun vum ACL eng Paus vun minimum 2 Joer. D'Associatioun gëtt sech déi Zäit fir sech nei opzestellen an sech den Verlaf vun der aktuellen Ëmweltpolitik mat dären Konsequenzen op den Automobilsport zu Lëtzebuerg, unzekucken.

Fir den Geescht opriicht ze erhalen an d'Bengel'en net ganz bei d'Tromm ze geheien, gëtt eng definitiv Opléisung vun der Ecurie Le moteur de l'historique evitéiert. Am Géigendeel soll eng Fusioun mat enger ASBL, déi sech dem nationale Motorsport verschriwwen huet, hir Friichten droen an derfir suergen datt d'Organisatioun ronderëm d' Boucles de Clervaux sech an dëser Zäit méi breet opstellen kann.